



Réckbléck 2014

De Joëresrapport vun de Belairer Guiden a Scouten - Mäerz 2015



**Léiw Guiden a Scouten, Léiw Elteren,
Léiw Frënn, Léiw Ancienen,**

D'Belairer Guiden a Scouten kënnen mat Zefriddenheet op d'Joer 2014 zeréck blécken. De Grupp huet dat läsch Joer seng 75 Joer mat ville flotte Momenter gefeiert. Sëlloch Evenementer woren iwwert dat ganz Joer verdeelt: Eng offiziell Receptioun am Januar, e Mini-Gruppecamp um Belair am Juni, d'Konstruktioun vun engem Won fir de Fakelzuch, d'Organisatioun vum nationale Kongress a Chefdaag um Belair. Et war vill Arbescht mee gelount huet sech ob alle Fall!

D'Gebuertsdaysjoer huet vill Engagement vun all eise Membere gefuerdert. 2 Joer am viraus ass am Organisationscomité diskutéiert a geplangt ginn, Chargen opgedeelt a Benevoler recrutéiert ginn. Mat Amenter war een 180 Prozent Guide/Scout, réckbléckend kënnen mir mat vill Houfert soen, dat et sech gelount a vill Spaass gemaach huet. Eise Grupp, zesumme mat eiser ASBL, geet gestärkt aus dësem Joer eraus.

Op dëser Platz e riseg grouse B R A V O a Merci u jiddereen deen eis gehollef an ënnerstëtzt huet. Ee besonnesch grouse Merci geet un eis ASBL, ouni déi dat super Joer einfach net méiglech gewiergt wier.

Nieft eise Jubiläums-Événementer, huet de Grupp a seng Branchen nach eng helle Wull aner flott Amenter am Joer 2014 erlieft...

Vill Spaass bäi der Lecture vun eisem Réckbléck!

D'Gruppechef
Charel Fischbach, Sophie Hamelle, Jang Fischbach

RACLETTE à volonté

SA 28.03.15 12h-14h am St. Jean

De Scoutsgrupp vum Belair invitéiert all seng Memberen an hier Familljen, Frënn an Anciens op eng gemitlech Raclette!

Umeldung erwünscht:

jacques_margue@hotmail.com

BUCH „75 Joer Belairer Guiden a Scouten“

Iwwerweist 28.- € mat dem Vermierk „Buch“ an dir kritt d'Buch heem geschéckt!

CCPLU44 1111 1367 8515 0000

Frënn vun den LGS Belair

Präiss: 25.- € (Envoi postal 3.- €)

Aktivitéitsrapportën

D'WËLLEFCHER

Am Joer 2014 ass eise Wëllefchersgrupp ee gutt Stéck gewuess. Mat vill motivéierten Nowuesswëllefcher hu mer dunn ee super Scoutsjoer erlieft op dat mir gär zréck kucken!

Am neie Scoutsjoer hu mir am éischten Trimester een Tour duerch d'Kontinenter gemaach an hu vill iwwert déi verschidde Länner a Kulture geléiert. Do ware mir ënner anerem an Afrika, wou d'Wëllef gesinn hunn, datt een net onbedéngt ëmmer ee Pinsel a Waasserfaarwe brauch fir ze molen. An dobäi hunn si geléiert, wéi afrikanesch Masken ausgesinn a wou fir déi gutt sinn.



Am 2. an 3. Trimester hate mer eis du méi mam Scoutissem a mat allem wat een als gudde Scout bzw. Wëllefche kenne muss beschäftegt. Mir hunn de Wëllef erkläert wisou si iwwerhaupt Wëllef sinn, a wat hier Roll ass am Grupp. Dozou hu mer vill flott Versammlunge gemaach, déi sech bis zum Enn vum Joer gezunn hunn.

All Joer rëm ma mir natierlech och vill Sortien! Dëst Joer ware mer ënner anerem op d'Kockelscheier, mir ware schwammen, mir hunn um Quartiersfest matgemaach, mir hunn um Wëllefchersrallye deelgeholl, an an...



All Trimester steet och ee Weekend un. Am éischten Trimester war de Montéesweekend, bei deem eis eelste Wëllef rop an d'Avex gaange sinn.

Am zweeten Trimester ware mir zu Wolz an hunn Aktivitéiten zum Thema Asterix an Obelix gemaach, wéi z.B. d'Wëllschwäinjuegd an ee Quiz fir hiert Wëssen ze testen.

Am leschten Trimester hate mer richtig vill, mir haten ee Gruppecamp, wou net nëmme mir, mee och all déi aner aus eisem Scoutsgrupp mat gemaach hunn. Dëst war fir de 75. Gebuertsdag vun eisem Scoutsgrupp ze feieren, um Belair.



Fir eist Joer ofzeschléissen hate mer am Summer rëm een immens flotte Camp, an dës Kéier war et eppes ganz Besonnesches, well mer nach mat 3 aner Wëllefcherséquiper zesummen zu Bilschdrëf gecampt hunn. Zu sou vill hunn d'Wëllefcher dunn och d'Aufgab vum Camp genial gemeeschtert! Si hu missen déi béis Feierhex vun Narnja, déi d'Welt ëmmer méi waarm mécht, an ëmmer nëmme fir Onrou op der Welt suert, bekämpfen! Dofir sinn si duerch déi 4 Elementwelte gereest a sinn ëmmer méi staark ginn an zesumme gewuess, duerch Aktivitéite wéi z.B. ee Flooss bauen. Zum Schluss sinn si als eng Eenheet der Feierhex géigeniwwer getrueden a konnten sou géint si gewinnen.

D'AVEX (Aventuren an Explorer)

Fir eis AvEx huet d'Joer op dem Montéesweekend ugefaangen: si sinn als Wëllefcher ugereest an hunn iwwer dëse Weekend bewisen datt se prett si fir an d'AvEx.



Eis kleng Equipe huet sech iwwer dat ganz Joer, a Versammlunge mee och mol iwwert en Weekend, op de grouse Summercamp préparéiert. Dozou huet gehéiert Kniet üben, op Feier kachen, Zelter a Konstruktiounen opriichten, Holz hacken a viles méi.



2014 Joer war erëm e groussen nationale Camp am Summer, op deem alleguerten

d'AvEx aus dem ganze Land waren. Thema vun dësem Joer waren d'Piraten, an all Grupp hat d'Aufgab eng Bänk ze bauen. Eis AvEx haten déi gutt Idee, eng Hängematt aus zwee Bamstämm an engem Fëschernetz ze bauen.



Den 23. Juli war et dann endlech souwäit, a mir sinn op de Camp op Leideleng gefuer. Leider war de Belair op dësem camp nëmme vun 2 Jonge représentéiert, dofir hu mer eis geduecht, et wär besser eis enger aner Grupp unzeschléissen, an sou si mir zesumme matt de Réiser AvEx op de Camp gefuer, an hunn eis och eng Campplaz mat hinne gedeelt. Eis zwee Jonge kruute vu 7 Meedercher Konkurrenz gemaach, an no ufängleche Kommunikatiounsproblemer, sinn se zu enger super Equipe ginn.



De Camp hat alles wat e perfekte Scoutscamp brauch, divers Visitten, Rallyen, en Nuetsspill, en Dag an der Schwämm, e Besucherdaag fir d'Famille vun den AvEx, an natierlech en

Hike.

Dëst Joer krut eis Equipe kräfteg Nowuess aus de Wëllefcher a mir kucken an en flott Joer matt enger motivierterer Equipe.

D'CARAPIO (Caravellen a Pionéier)

D'Joer 2014 wor fir eis CaraPio-ekipp gefëllt mat esou munche flotten Aktivitéite wou mir zesummen allerlee erlieft hunn.

Am Fréijoer hu mir e Week-end zu Péiteng gemaach, wou mir ënner anerem e groußen Akaaf- a Kachconcours organiséiert hunn. Zesummen si mir am Schloss op d'JoCaPi (Journée CaraPio) zu Leideleng gefuer, wou mir op engem groussen Parcours u lëschtge Spiller deelgeholl an eis ville verschidde Challenge gestallt hunn, fir eis géint déi aner Ekippen ze behapten.



Am Kader vum 75ten Anniversaire vun eisem Grupp huet e Mini-gruppecamp an der Päischtvakanz stattfonnt. Dorun huet eis CaraPio-ekipp natierlech begeeschtert deelgeholl.

Zu deene sëllege Aktivitéiten op deem Camp hunn ënner anerem en Ausflug an de Kloterpark op Vianden oder e spannende Rallye duerch d'Stad gehéiert.



Fir dass mir eis nach laang un dëse flotte Camp an un eisen Anniversaire erënneren, hu mir zesummen eng grouss Konstruktioun aus Holz opgeriicht, déi elo bei eisem Home steet.



Am Juli wore mir op de Summercamp, fir all CaraPio den Highlight vum Scoutsjoer. Dës Kéier huet eise Wee eis an den Techuana Camp an Eisterraich gefouert, wou natierlech virun allem vill Spaass an Action um Programm stoungen. Nierwt Rafting, Kayak fieren an engem groussen Hike duerch d'Bierger konnte mir nei Frëndschafte mat anere CaraPio aus de Gruppe Bartreng, Beeteburg, Cents a Leideleng schléissen, mat deene mir zesummen um Camp waren.

Am Hierscht hu mir nierwt eisem traditionelle Bazar och nach um Montéesweek-end vun eisem Grupp deelgeholl. Deen huet dëst Joer an der Géisserei an der Stad stattfonnt. Do hu mir och e puer nei Memberen an eis Ekipp bäikritt. Mir freeën eis, zesummen an dat nächst Scoutsjoer eranzestarten!

DE GRUPP

D'Joer 2014 stoung ganz am Zeeche vun eisem 75ten Jubiläum. De Grupp hat sech vill virgeholl fir dëse Gebuertsdag gebührend ze feieren.



Véier Événementen hu mer op d'Been gestallt.

Den Ufank huet eng Receptioun am Januar gemaach, wou nieft eise Frënn, Memberen an Elteren och eng Rei Politiker eis d'Éier

gemaach hunn.

Am Juni huet de Grupp e Mini-Camp am Quartier organiséiert, nämlech am Haff vum Centre sociétaire St. Jean. Wou mir traditionell gecamp, spriech gekacht, gefeiert a geschlof hunn. De leschten Dag vun eisem Camp goufen An a Frënn vum Grupp ageluede fir zesummen ze feieren. Dozou huet och eng animéiert Ofschlossveillée net dierfe feelen. Als Erënnerung un eise Gebuertsdag gouf de Camp iwwer eng eng hëlze Konstruktioun opgeriicht, déi ee gutt siichtbar an der Gaston Diderich Strooss gesäit.



Fir Nationalfeierdag hu mir eis et natierlech net entgoe gelooss fir e spezielle Won, um traditionelle Fakelzuch op Nationalfeierdag, z'entwerfen an houfreg virzeféieren.

Fir d'Rentrée hate mer d'Scouten aus dem ganze Land op de Belair invitéiert fir de nationale Kongress a Chefstag vun den LGS. Méi ewéi 500 Guiden a Scouten hu mir um Belair dierfen empfänken.



Net ze vergiessen ass eist Buch, fir dat vill recherchéiert ginn ass, Fotoen digitaliséiert, an Interviewe gefouert gi sinn. D'Resultat ass eng flott Publikatioun mat sëllege Geschichten a Fotoen aus 75 Joer Belairer Guiden a Scouten. Falls dir nach kee Buch krut hätt, besteet ëmmer nach d'Méiglechkeet eent ze bestellen (Infos dozou an dëser Zeitung).

Natierlech hu mir ausser den Evenementen am Kader vun eisem Anniversaire och nach eng Rëtsch traditionell Aktivitéiten iwwert d'Joer verdeelt organiséiert.

Esou hunn zum Beispill eist Quartiersfest um Enn vum Schouljoer oder och eise Bazar am Hierscht stattfonnt. Ausserdeem hu mir

ewéi all Joer e Montéesweekend fir de ganze Grupp organiséiert, bei deem déi verschidde Branchen nei Membere baikruuten. Fir d'Joer ofzeschléissen hunn dunn Carapio a Cheffe fläisseg Adventskränz dekoréiert a verkaf.

Kalenner

28.03.2015	Raclette & AG Frënn LGS B.
04.04.2015	Ouschterwäin Belair Kierch
30.05.2015	Stand Marathon Bel. Kierch
22.06.2015	Fakelzuch
20.07 - 24.07.15	Camp Wëllefcher
26.07 - 04.08.15	Camp AvEx
16.07 - 24.07.15	Camp CaraPio
08.08 - 16.08.15	Camp Raro/Chef/Ancien
10-11.10.15	Belairer Hierschtfest

DON

Duerch Är generéis Ennerstëtzung kann de Grupp vill flott Aktivitéiten ubidden. Mir freeën eis iwwert all Don:

LU44 1111 1367 8515 0000

vun den

« Frënn vun den LGS Belair ».

Eis aktuell Chefekipp

Gruppechefekipp

Charel Fischbach
Jang Fischbach
Sophie Hamelle

Trésorier

Charel Benoy

Wëllefcher

Sophie Niederkorn
Marie Castel
Marie Lippert
Pierre Kinsch
Klara Bechet

AvEx

Julien Kinsch
Sunny Kimari
Tom Reding
Eugenia Martines

CaraPio

Marc Faber
Sophie Hamelle
Laurent Weber
Nicolas Back

Frënn vun den Lgs Belair COMITÉ

Jacques Margue, Anne
Weydert, Jean-Marie Bodé,
Frutz Faber, Pol Nilles, André
Groos, Kyra Fischbach



De Gebuertsdayskuch, 75 Joer

Lëtzebuurger Guiden a Scouten Grupp Jang de Blannen Belair

Centre sociétaire St. Jean, 110, avenue Gaston Diderich, L-1420 Lëtzebuerg
grupp@belair.lgs.lu - <http://belair.lgs.lu>